ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Den Artikel 553-1 vum Code pénal seet:

«Seront punis d'une amende de 25 euros à 250 euros: Ceux qui auront violé la défense de tirer, en certains lieux, des armes à feu ou des pièces d'artifice quelconques. (…)»

An enger Rei vu Gemengen ass et dowéinst och op Silvester net erlaabt, Freedefeieren ofzeschéissen oder Knupperten ze benotzen.

Dogéint kënnt et awer vir, datt e Gemengereglement déi Dispositioun vum Code pénal ëmgeet, wéi z.B. an der Gemeng Käerjeng. Den Artikel 32 vum Käerjenger Gemengereglement seet, datt de Buergermeeschter kéint esou eng Autorisatioun ginn, wann se ugefrot gëtt :

«** Art. 32.- Sur le territoire de la commune de Käerjeng, il est défendu de faire usage de pétards et d'autres objets détonants à l'intérieur de l'agglomération ainsi qu'à une distance inférieure à 300 mètres. **Cependant le bourgmestre peut autoriser ces activités sur demande à l'occasion de fêtes publiques. »

(Fettdrock vu mir)

Den Artikel 42 vum selwechte Reglement seet:

***«** Art. 42.- Sans l'autorisation du bourgmestre, il est interdit d'organiser des jeux ou des concours sur la voie publique, **d'y tirer des feux d'artifice**, d'y faire des illuminations, d'y organiser des spectacles ou expositions ou d'y exercer la profession de chanteur ou de musicien ambulant. »*

(Fettdrock vu mir)

Fir méi legal Kloerheet ze kréien, wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wéi interpretéiert den Här Minister den Artikel 553-1 vum Code pénal? Wéi eng Autoritéit – ausser dem Legislateur – kann esou e Verbuet oder esou eng Erlaabnis (« *tirer (…) des pièces d'artifice quelconques* ») ausschwätzen an déi betreffend Plazen *(« en certains lieux* ») festleeën an opgrond vu wéi enge legalen Dispositiounen?
2. Am Fall wou, an den Ae vum Här Minister, déi Autoritéit net sollt bei de Gemenge leien, wéi eng gesetzlech Basis géing et dann engem Buergermeeschter erlaben, eng Dispositioun vum *Code pénal* ze ëmgoen, doduerch datt hien eppes autoriséiert wat d'Gesetz verbitt ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten